N°4095
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel weiderzeleeden.

Dee néie Lëtzebuerger Pass ka säit e Méindeg den 11. Mee 2026 ugefrot ginn. D'Gëltegkeet vun deem néie Pass gëtt vu bis elo 5 Joer op 10 Joer erhéicht. Niewent engem néien "Design" ginn och d'Sécherheetsdispositiounen un déi international Standarden ugepasst. Onverännert bleift de Präis vun dësem wichtegen Dokument, dat innerhalb vu 7 Schaffdeeg ausgeliwwert gëtt.

Aus der Matdeelung vun der Regierung geet net ervir, wéi et ëm di weider Gëltegkeet vu bestoenden Päss steet sofern se net ofgelaf sinn.

Dofir eis Froen:

- Kënnen déi bestoend Päss, déi nach net ofgelaf sinn, weiderhin ouni Bedenke genotzt ginn?
- Ass et kloer, datt de Leit bei Auslandsdeplacementer mat deene bisheregen Päss keng Problemer entstinn?
- Wéi vill Leit, déi nach e gëltege Pass hunn, hunn an deene lëschten Deeg en neie Pass ugefrot?
- Wat réit d'Regierung de Leit, déi nach gëlteg Päss hunn? Solle si awer direkt en néie Pass ufroen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Franz Fayot
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu